N°764
Entrée le 21.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.05.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Op der A13 koum et den 19te Mee zu Iwwerschwemmungen, wouduerch d'Autobunn wärend ronn zwou Stonnen huet missten tëscht dem Tunnel Markusbierg a Mondorf gespaart ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi koum et zur Iwwerschwemmung op dëser Plaz? Huet et sech ëm een temporären Defekt gehandelt oder ass hei eng Fehlkonstruktioun de Grond fir d'Opstaue vum Waasser?
2. Wéi kënnen esou Iwwerschwemmungen an Zukunft verhënnert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°764 vum 21. Mee 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

*Wéi koum et zur Iwwerschwemmung op dëser Plaz? Huet et sech ëm een temporären Defekt gehandelt oder ass hei eng Fehlkonstruktioun de Grond fir d'Opstaue vum Waasser?*

Dëst Evenement ass op e lokaalt Staarkreenereegnis vu bis zu 30 Liter op de Quadratmeter pro Stonn zeréckzeféieren. Dës enorm Waassermass huet ënnert anerem och dozou gefouert, datt de Buedem vun engem frësch geplanzte Feld op d'Autobunn gespullt ginn ass.

Bei dësem Ereegnis huet et sech also ëm ee Fall vun héijerer Gewalt gehandelt, an deemno weder ëm en Defekt un der Infrastruktur nach ëm eng Konstruktiounsfeeler. D'Infrastruktur konnt déi extrem Waassermass an den ugespullte Buedem einfach net ophuelen.

*Wéi kënnen esou Iwwerschwemmungen an Zukunft verhënnert ginn?*

Wéi an der éischter Äntwert duergeluecht, huet et sech beim Ereegnis vum 19. Mee ëm ee Fall vun héijerer Gewalt gehandelt. D'Entwässerungsanlage ginn op eng bestëmmte Waassermass hin dimensionéiert a sinn deemno net op extrem Wiederverhältnisser, wéi e lokaalt Staarkreenereegnis, ausgeluecht.

Bei esou Wiederextremer kann et ëmmer zu lokalen an zäitlech limitéierten Usammlunge vu Waasser kommen. D'Automobilist*innen sinn deemno ëmmer ugehalen hier Fuerweis de Wiederkonditiounen unzepassen.

Luxembourg, le 20 juin 2024
La Ministre de la Mobilité et des Travaux publics
(s.) Yuriko Backes